Wéi fënnt de Grupp nei Memberen?

Déi bescht Reklam fir de Grupp sin d'Aktivitéite vu séngen Unitéiten. Mir kënne Kanner a Jugendlecher motivéiere fir bei äis ze kommen,

- wann opregend Abenteuer lancéiert gin;
- wa vun Zäit zu Zäit eng gutt preparéiert Aktivitéit dobaussen op der Strooss leeft;
- wann d'Guiden a Scouten hire Schoulkomeroden hir Erliefnësser erzielen;
- wa mir äis dobausse lëschteg, frëndlech, hëllefsbereet an ëmweltbewosst behuelen;
- wann d'Eltere vill Vertrauen an d'Chef/tainen hun an aneren Elteren dat Gefill weider vermëttelen;
- wann heiandsdo eppes Positives iwwert de Grupp an der Zeidong steet.

Dat alles si méi oder wéineger normal Saachen. Doniewent kann et awer noutwenneg sin, méi geziilt Aktiounen ze ënnerhuele fir nei Memberen ze kréien. Well bei äis déi meescht Jugendlech "vun ënnen erop" kommen, konzentréiert sech eng Rekrutéierungscampagne haaptsächlech op de Biber- a Wëllefchersalter.

Hei e puer Iddiën, déi an engem Forum um Chefdag 1995 gesammelt gi sin.

1) Öffentlech Sensibiliséierung an Informatioun

- An de Raider en Info-Poster oder eng Collage hänken;
- En Artikel a Fotoën an d'Gemengenzeitung oder an d'Parblietche setzen;
- Op der lokaler Guiden- a Scoutskiirmes oder um Theaterowend Informatioune gin iwwer d'Liewe vum Grupp, z.B. de Start vun enger Biberfamill;
- En Infostand bei enger öffentlecher Manifestatioun opriichten;
- Ziedelen an d'Bréifkëschte verdelen
- Informatiounen iwwer Eltrona Télézeitung diffuséieren (Renseignementer iwwer déi verschidde Méiglechketen bei Infotel, B.P. 2661, L-1026 Lëtzebuerg; Tel. 42 66 22; Fax 42 66 55; e-mail infotel@pt.lu)

2) Kanner uspriechen

- An d'Schoul goën an zesumme mam betreffende Léierpersonal d'Kanner vu bestëmmte Klassen uspriechen an hinnen e Bréif an/oder Dépliant ausdelen. E perséinleche Kontakt mam Paschtouer, Katechet/in, Schoulmeeschter oder Léierin as hei wichteg; ausserdem muss eng Autorisatioun beim Buergermeeschter gefrot gin.
- D'Kanner vun engem bestëmmte Joergank resp. hir Eltere perséinlech uschreiwen. De Bréif op lëtzebuergesch an op franséisch opsetzen. D'Adresse kann ee beim Léierpersonal oder Paschtouer froen.
- Virun der Schoul un all Kanner Dépliant-en ausdelen. Och heifir soll ee mam Buergermeeschter schwätzen.
- Et soll ee vermeiden, datt zwee Gruppen an der selwechter Uertschaft getrennt Reklam maachen. Wann ee wëllt an engem Nopeschduerf rekrutéieren, soll een sech mam Nopeschgrupp ofschwätze fir keng ongesond Konkurrenz ze schafen.

3) En Informatiounsblat maachen

- D'Infoblat soll sech perséinlech un d'Kand riichten, wann et verschéckt oder an der Schoul ausgedeelt gët.
- Den Datum, d'Auerzäit an d'Plaz vun der "Porte ouverte" resp. vun der éischter Versammlung ugin.
- Matdele wou a wéini déi normal Versammlunge sin.
- D'Nimm an d'Telefonsnummere vun de Chef/tainen opzielen.
- E puer Beispiller vu rezenten Aktivitéite weisen.
- Dat Ganzt soll kuerz a flott agepaakt sin z.B. a Form vun enger Billergeschicht.

4) Eng "Porte ouverte"

Dat as eng flott Versammlung, wou och Nëtmemberen invitéiert gin.

- Si soll op enger öffentlecher Plaz ofgehale gin; déi as fir d'Kanner liicht ze fannen, a mir markéieren eng Präsenz an der Uertschaft.
- Alles gët grëndlech geplangt, fir datt den éischten Androck gutt ausfällt.
- De Gruppechef as präsent fir ze hëllefen, de Kontakt mat Elteren ze knëppen. Besonnesch bei jonken Unitéitschef/tainen as dëst e grousse Virdeel.
- D'Aktivitéite gi fréi genuch virbereet, sou datt kuerz virun der Versammlung d'Chef/tainen disponibel si fir d'Elteren an d'Kanner z'emfänken.
- D'Versammlung kann a Form vun engem Spill duerch d'Duerf oflafen. (Oppassen op den Autosverkéier!) Et kann een och Campaktivitéiten abauen wéi z.B. Zelter a Konstruktiounen opriichten, eppes um Feier broden ... "New Games" kommen och gutt un.
- Et soll eppes Klenges gekniwwelt oder gebastelt gin, dat d'Kanner als Souvenir mat heem huelen.
- CaraPio a RaRo kënnen eventuell bei den Aktivitéiten hëllefen.
- No der Versammlung hun d'Chef/tainen nach Zäit fir den Elteren op hir Froen z'äntwerten.

5) Nei Frënn

Kanner,

- déi geeschteg oder physesch behënnert sin,
- oder déi eng aner Sprooch schwätzen,
- oder déi aus engem frieme Land kommen,
- oder déi sech finanziell nët vill leeschte kënnen,
- oder déi erzéieresch a sozial Schwiregketen hun,

si méi schwéier unzesprieche wéi anerer a komme vu sech aus och nët sou einfach bei äis. An dach as de Scoutissem/Guidissem grad fir si immens wäertvoll, well si soss am Liewen nët esou vill Chancen hun. Duerfir versiche mer, méi bewosst a geziilt op dës Kanner duer ze goën. Mir kënnen z.B.

- si oder hir Eltere perséinlech uschwätzen,
- hinne Geleënheet gin, äis eppes aus hirer Kultur oder Erfarung ze weisen oder virzemaachen,
- hinnen e Bréif an enger Sprooch schreiwen, déi si gutt verstinn,
- op Fester vun hirem Milieu (z.B. Veräiner vun Immigréierten, Foyer fir Behënnerter, Kannerheem ...) goen an do Kontakt sichen,

- iwwer Kontaktpersounen (Paschtouer, Assistant/e social/e, Educateur/trice am Foyer...) mat hinnen zeummekommen,

- d'Zäit an d'Form vun eise Versammlungen iwwerdenken.

Iwwer d'Zesummenaarbecht mat Behënnerten sti vill praktesch Erfarungen a Rotschléi am LGS-Dossier N° 5 "Kontakt-Schlëssel".

6) Hëllef vum Verband

- E faarwegen Dépliant, dien sech éischter u Jugendlecher riicht, gët et op lëtzebuergesch an op franséisch. D'Gruppe kënnen sech der gratis an d'Zentral siche kommen.

- D'Gruppe kënnen an der Zentral och eng schwaarz-wäiss Virlag froen, mat där si hiren egenen Dépliant kënne kopéieren oder drécken. Den Text heivun as op lëtzebuergesch mat engem franséische Résumé a riicht sech éischter un Erwuessener. Et as Plaz gelooss fir selwer d'Versammlungszäiten an aner lokal Informatiounen anzesetzen.

- De Verband huet och eng Ausstellung, déi d'Gruppe kënne gratis ausléinen.

- Am Dokumentatiounszenter (DZ) fannen d'Chef/tainen Iddië fir eng "Porte ouverte" an iwwerhaapt fir d'Öffentlechkeetsaarbecht.